



B u r n o u t

Guy Hoffmann

Ech ginn duerch iergendeng Strooss, an dann ass et mer op emol, wéi wann do ee géif lauerer, am Agank vun engem Haus, hannert engem Bam oder engem Auto, am Kellerlach, wat weess ech, en dommt Gefill a gläich drop e Schweessausbroch, en Dréien an der Pans, wéi wann ee mer eng Wäschmaschinnstromele agebaut hätt, mat enger Wäsch dran, déi ganz aus Angscht besteet, Fatzen aus purer Panik. Wéi soll ech do nach kënnen normal reagéieren? Ech weess jo iwverhaapt net méi, wat leeft, wou déi wierklech Welt ophält a meng eege Virstellung ufänkt. Dann ass et bal komplett onméiglech, net mam Gesetz a Konflikt ze kommen. Och wann ech d'Uniform un hunn. Déi hëllef mer net, em Géigendeel, ech hunn den Androck, déi mécht alles nëmmen nach méi schlëmm. Ech muss mech jo awer wieren, duebel wieren, eng Kéier géint déi, déi do lauerer, an eng Kéier géint mech selwer, géint déi krank Biller a mengem Kapp. Et ass jo net sou, datt alles nëmmen Abildung wier. Mer goufe jo awer ugegraff, de Jorge an ech, dat war keen Dram... Op eng Kéier stinn déi Rëffbéck virun eis, siwe Mann héich, a maache wéi wa si d'Uniform un hätten a mir de Wouscht wieren... A wou gesitt Dir dann hei eng Späerstonn, seet

een, mir gesi keng hei... an dann dréckt dien dem Jorge einfach e Blummestack an d'Gesicht, e Kaktus... Lo namm schéin, du houere Portuknalli, seet deen dann... Wann ech wëll Verstärkung ruffen, heet ee mer mat enger Eisestaang op d'Hand... d'Armée bleift schéi brav an de Kasären, héiers de... Hanne laacht e Chouer vun Nuetseilen... d'Luuchten iwver dem Agank vun der Disco glënnere blo a rout, wéi en Alarm an d'Näischt eran, a mir zéien eis mat eise bluddegen Nuesen zeréck... Dir kënnt lech dach awer net einfach sou kréie loossen, seet den Offizéier, firwat bilde mir lech dann aus!... An um fräien Owend sëtzt dann am Café dee Bëlles, deen d'Kollege mat sengem BMW oder Alfa gepëtzt hatten, e puer Punkten hat et kascht, an hie mault dat ëmmerselwecht Gemauls, dat ech fir d'Frecken net méi héire kann: Déi Säckdréier, domm Jongen, déi näischt geléiert hunn a mengen, wa si eng Uniform un hätten... mol keng Armée méi maachen se richtig, déi Polizeischoul daagt dach näischt... Dat muss ech mir dann unhéieren, um Weekend, wou ech fräi hunn! Och an Zivil kënns du aus der Uniform net eraus... an der Press tëscht dem Pak dobaussen an dem Offizéieschpak –däerf ech net soen, soen et awer –... heiansdo kéint ee men-

gen, d'Roll vun de Cheffe géif nëmmen dra bestoen, eise Ruff freckt ze maachen... Geet deen hin, dee Pressesprecher, oder wéise dat och nennen, a seet: D'Journalisten hei am Land maachen hir Aarbecht net, dofir mécht d'Police lo hir eegen Televisioun... a pätsch hu mer rëm déi ganz Press um Hals... wéi wann den Drock net scho grouss genuch wier... a ganz grouss och de Kommissär, deen am Bommeleerprozess d'Gericht fir domm verkeeft an och nach houfreg dorop ass! Wat soll de Bierger do-bausse vun der Police denken, wann d'Cheffen sech sou verhalen? A mir um Terrain klaken d'Pan! Keng Loscht méi!... Wéi, Här Borros, gitt der schonn heem? –lap! Ech ginn heem an hänke mech un den Nol, mat allem drëm an drun! Kënnt mech! Lo braut de Jorge eis en Ayahuasca a mer sinn derduerch... Stopp! Wéi ass Ären Numm? – Sot ech jo. Borros. Guillaume. Wéi den Ierfgroussherzog, ech ierwen awer näischt. Willi ginn ech genannt. De Jorge an de Willi waren eng gutt Ekipp. Lo gi s'op den Tour. Mam Calamity Jane oder soss enger Bekanntschaft... Moment, hei ass nach en Asaz gefrot... Ok, dee leschten... geleet vu Geibens Abbes, och nach Abu Geib genannt... Noutruff vun enger Fra, déi vun hiren Nopere kujeniéiert gëtt... jau-

wen duerch de bloen Owend, d'Stad sou hallef am Niwwel, iwwer eis rumouert eng schwéier Cargolux-Maschinn, déi net vun der Plaz ze komme schéint, an der Strossbuergerstrooss féiert de Puffmuddererni sâi Jaguar spadséieren, dräi gakeg Negere verzéie sech an e Café... Wann ech déi Honolulu eng Kéier erwéschen, seet den Abu Geib, schéppen ech hinnen hir Wuer mat zwou Hänn an de Mond a setzen se tëscht hire geschwellenen Negerlëpsen a Brand, da kënnen se fëmmen, bis hinnen d'Gehir zou den Oueren an den Aen erausdämpft... Kanns du dech erënneren un de Perdido? Dee war sou zougecrack, datt en iwwerhaupt net méi wouss, datt en nach géif liewen, huet sech gereecherte Vullschäiss op d'Long gezunn an a sâi Papagei gebass, deen him dorobs en A ausgepickt huet... jo, wéi mer an d'Wunneng koumen, souz hie bei der Tele an huet mat engem A Hoppen Théid gekuckt... Wien ass Hoppopen Téid?... Iergend e kräizdommen TV-Kasperle, deen aplaz e Gehir e karéiert Hiem am Kapp huet... richtig, fréier soten se: Domm wéi siwe Schappe Schäissdreck, haut ass dat getopt duerch: Domm wéi Hoppen Théid... D'Zentral mell sech a seet, d'Fra hätt nach emol ugeruff... nientem dem Tuerm vun der Gare ass de Mound als blechen Tennisball ze gesinn... Wéi huet dee schonn rëm geheescht, fret d'Jane, dee Finanzexpert, dee mer op de Kierchberg siche waren, die mat den Tennisbäll... jo, war och eppes mat Hopp... oder Hobbes... huet fréier an der Spora gespillt oder sou... e Büro ganz a wäiss, a seng Fra hockt un Schreifdësch wéi op der Staang a schäisst den Tennisball eraus, dien hien hir eragestoppt huet... eng Heedenaarbecht, en an den Daarm eranzekréien, an nach méi eng Aarbecht fir si, en erauszedrücken, si käicht a schweesst a jéimert... a muss dann awer an d'Urgence... an d'Urgence, wou grad de Kamellen-Giovanni ukënnt, grouse Verféierer virum Här, deem lo e Rival oder en ugeschmierte Bräitchemann d'Pans opgeschnëppelt huet mat engem Metzlesmesser... den Giovanni dréit seng Ënnereien an enger Aldi-Tut an den Noutdingscht, wou eng alkoholiséiert Lesb, déi sech als Doktesch ausgëtt, hien einfach frecke léisst, well en Giovanni net an hiert Weltbild passt... Wann den Drock ze stark gëtt, Jongen, seet den Abu Geib, da gitt un de Punching, awer verwiesselt är Fra net mam Punching, dat geheet e schlecht Liicht op d'Police... Ech war komplett naiv, denken ech, wollt ëmmer Gerechtegkeet an Uerdnung, a jauwen lo duerch d'Stad wéi duerch eng Gehirwäsch... mat Jorge a Jane an Abu Geib iergendwouhin, iergendenger Fra hëllef, a weess net méi, wat sech lount a wat net, an ob s du iwwerhaupt vun do zeréck kënnst oder ob einfach sou e Fuzzi iwwer dech rennt, wéi iwwer de Roy, dien do stung en Auto unzehalen, an du vum Auto platt ge-

fuer gouf... Mer si gläich do, seet den Abu Geib, den Noper ass iergend e Witsch vun dohannen, also opgepasst, déi hu meeschtens nach de Klabas aus hirem Krich bei sech... Wann ech aus dem Won klammen, kréien ech schlecht Loft, e Gefill, wéi wann ech géif Lianen anotmen... e schmuttelege Gank, an deem et no Piss a faulem Offall sténkt... Haalt lech prett, awer loosst keng kommen, seet den Abu Geib... Hie selwer hat eng Kéier bei engem Asaz ze nervös reagiert an eng Fra ugeschoss, well hien hiren Hitachi Magic Wand fir eng Waff gehal hat... Mir hetzen d'Trap op, un de groe Maueren faarwegt Gekrozels... ëmmer rëm liesen ech 'Fuck'... alles ass 'Fuck'... eng richtig Favela hei, seet de Jorge... No-Go-Zone, seet d'Jane... vum Plafong drëpst et, iergend eng muuschteg Flëssegkeet, kéint duerchgesickert Reewaasser sinn, kéint och verdënnte Schäiss sinn... Fuck... de Witsch mécht net op, den Abu Geib dréckt op d'Schell, eng hallef Minutt laang... d'Jane probéiert, d'Fra, déi ugeruff huet, op de Gank ze kréien, déi schéint awer ze fäerten... Wat hu mer un Informatiounen?... Net vill. De Witsch huet e Fils, deen mol gedealt huet. Hie selwer schéint clean... fënnef Kanner, tëscht siwwenzéng an dräi... Open the door! Open the door! Open the door!... De Kolleg war gefilmt ginn, wéi e sot: Ech hu keng Loscht mat engem Pâté wéi dir ze diskutieren... An? Sollen déi den Job maachen, déi domm schwetzen! Mir sinn hei net an enger Kachsending, Jongen, dien sech do verbarrikadéiert huet, heescht net Johann Lafer... Bon, wa keng Reaktioun kënnst, knalle mer d'Dier op... déi leschte Kéier, wou mer opgebrach hunn, dat war bei deem Spackelter, dee sech bei Amazon e Gëftschaft bestallt hat an am Gaang war, seng ganz Famill ofzeschaffen... hat de Kanner Mastik an d'Ae geschmiert, datt si net sollte gesinn, wéi hie seng Fra noneemécht... Open the door!... Ech hunn ëmmer probéiert u Gott ze gleewen, bis dien du eng Kéier viru mer stoung, dien Tipp am gestraifte Kostüm, a gesot huet: Ma dat sinn ech. Ech si Gott. Dofir däerf ech dat alles... Hien hat de Puppelche vu senger Frëndin an d'gliddegt Waasser gezappt an sou richtig gekacht. D'Frëndin hat hie mat Handschellen un d'Heizung gefesselt, datt si sollt nokucken... Ech si Gott. Dofir däerf ech dat alles... Open the door!... Ok, mir ginn eran... den Abu Geib rennt mam Fouss widder d'Schlass, déi rabbeleg Dier aus dënnem Holz fiert direkt op... an eran an d'Krëppchen... Police!... de Witsch steet do mat engem grouse Schrauwendzéier an der Hand, dien den Abu Geib him mat engem geschéckte Gest ofknäppt, dat heescht, hie verdréit him sou den Aarm, datt hie muss lassloossen... dem Witsch seng Fra deet Kreesch, wéi wa se grad géif geckeg ginn, dräi Kanner dobannen, alles klenger, déi sech un der Mamm upaken,

iwwer hinnen un der Mauer e Kräiz, um Schaf eng Maria a Käerzen, eng Schrëft: La Mano Mas Poderosa... da steet op emol en zweeten Tipp an der Dier a mault... Rou! bierelt den Abu Geib... d'Fra deet ëmmer méi Knäll... den zweeten Tipp kënnst op eis duer... dann huelen ech de Pefferspray a ginn eng Sendung a seng Richtung... lo bläeren och d'Kanner... den Abu Geib huet de Witsch mam Kapp no vir op den Dësch geklaakt, datt e soll roueg sinn... hien huet Blut am Gesiicht... Bleift roueg, da geschitt näischt!... D'Fra ass lo sou haart, datt dem Jorge d'Nerven duerch ginn an hien hir eng weider Portioun Pefferspray an d'Gesicht schéckt... si gierkst, houscht, wackelt... déi dräi Kanner bläeren... déi zwee Tippe fluchen, de Witsch ëmmer nach mam Gesiicht am Blut um Dësch, deen zweeten huet d'Jane sech gekroopt, wat deem guer net geet... Salope! jäitzt hien... de Komédi an der Wunneng ass net auszehalen, déi ganz Loft brennt, um Gank sinn lo aner Leit, dorënner d'Fra, déi ugeruff hat, an déi lo och jäitzt... Nee, net déi do, op der anerer Säit... Wéi?... Salope!... Hal se, oder et geet der e Strapp ze séier!... Et sinn net déi do, seet d'Fra, et ass deen do iwwer, deen op mech lauert... Schäiss! seet den Abu Geib... Firwat kommt der och net eraus? seet d'Jane zu der Fra... Mama, Mama, jäitzt ee vun deene Klengen, ech gesinn näischt méi... ça, vous me le payerez, seet deen zweete Mann... de Witsch ass net de Witsch; de Witsch, deen net de Witsch ass, wëscht sech d'Blutt aus dem Gesiicht, hien huet Tréinen an den Aen... Hutt der dat dann net gesinn, seet d'Fra, dat sinn déi aus Guatemala... Bon, seet den Abu Geib, ka virkommen... awer wann Dir och mam Schrauwendzéier an der Hand op eis waart... Mon mari, il est bricoleur, kräischt d'Fra... Vous êtes des méchants, seet de Klengen, méchants, méchants... Gi mer bei den Noper, seet den Abu Geib, kuck du no hinnen hei, Jane... Mir hiewen d'Dier aus den Aangele beim richtige Witsch, awer do ass keen... Hie stung mam Messer hei am Gank op mech ze laueren, seet d'Fra... Wéini? soen ech... Ëmmer, seet si... En lertum, seet de Jorge... alles en lertum... Jo, soen ech, en lertum... Dingschtstonnen, Dingschtwonnen, seet den Abu Geib... Wa mer zeréck fueren, mécht hien d'Sireen un, fir séier op de Büro ze kommen... ech héiren se, wéi wa si an engem Stéck géif 'Burnout, Burnout, Burnout' sangen... Wann déi eis mat enger Klo kommen, seet den Abu Geib, dann hu s'et awer gutt... Guatemala, seet d'Jane, dat läit dach bei Mexiko, oder ieren ech mech?... Da seet kee méi eppes a mer jauwen vum Toun vun der Sireen gedroen zeréck an d'Kommissariat... De blatzegen Tennisball iwwer der Gare ass lo méi héich ze gesinn, soss ass alles op senger Plaz...

Nico Helminger